N°3854
Entrée le 27.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°3854 vum 30. Mäerz 2026, vun den honorabelen Deputéierten Här Yves Cruchten, Madame Paulette Lenert a Madame Liz Braz zum Sujet "Délais du regroupement familial pour bénéficiaires de protection internationale".

1. Wat ass de gesetzlech virgesinnenen Delai fir den Traitement vun Demanden am Kader vum Regroupement familial fir BPI?

   Den Artikel 73, Paragraph 6, vum Immigratiounsgesetz gesäit en Delai vun 9 Méint vir ab dem Depot vun der Demande vum Regroupement familial. Dësen Delai kann duerch d'Komplexitéit vun der Analyse vun der Demande verlängert ginn.

2. Wéi laang ass den effektiven Duerchschnëtts-Delai, deen de Ministère aktuell brauch, fir esou Dossieren ofzeschléissen?

   Den Duerchschnëtts-Delai leit de Moment bei 34 Méint.

3. Ass dem Ministère bekannt, datt an eenzelne Fäll Delaie vu méi wéi zwee Joer, respektiv bis zu ronn 35 Méint, observéiert goufen? Wéi erkläert de Ministère esou laang Delaien?

   Jo, en Delai vu 34 Méint gouf dem Ombudsman am Januar 2026 matgedeelt. Engersäits, sinn dës Demandë fir e Regroupement familial vun 2021 op 2024 kontinuéierlech em 82%, vu 740 op 1345 Demandë, geklommen.

   Anerersäits, a virun allem, ass ënnert der vireger Regierung, vum Minister Jean Asselborn am November 2022 decidéiert ginn, well d'Opnahmstrukturen vum ONA saturéiert waren, d'Accorde fir e Regroupement familial vu BPIen staark ze limitéieren. Et ass ze ënnersträichen, dass vill Persounen déi am Kader vun engem Regroupement familial vun engem BPI op Lëtzebuerg komme, sëlwer eng Demande op internationale Schutz stellen obwuel se net missten, fir ee Logement ze kréien. Dës Decisioun, déi vun der vireger Regierung geholl gouf, gëtt bis haut vun dëser Regierung weider gefouert.

4. Wéi vill Persoune sinn am Kader vum Regroupement familial aktuell nach „en attente" a waarden op eng Decisioun vun hirem Dossier?

   Aktuell waarden 2158 Persounen op eng Decisioun op hir Demande de Regroupement familial fir kënne bei e Familljemember deen BPI ass op Lëtzebuerg ze kommen.

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden